Kommissioun
3. Alter
Gemeng Kiischpelt

**Un d'Membere vun der Kommissioun vum 3. Alter**

*Copie: Gemengerot vun der Gemeng Kiischpelt*
*Secretariat Gemeng Kiischpelt*

## Rapport vun der Komissiouns Versammlung vum 26.09.2025 (16:15 Auer) zu Wëlwerwolz

**Présent:** Sepp Pannrucker, Kaiser-Patz Josée, Kaiser Yves
**Abscent :** Lutgen-Lentz Antoinette

### Ordre du jour

### Punkt 1: Réckbléck op déi lescht Aktivitéiten (Kaarte Nomëtteger, Velosgrupp, Ausflich)

Un de Kaarte-Nomëtteger, déi all 2. Donneschden am Mount ofgehale ginn, huelen am Duerchschnëtt 10-12 Léit Deel.
Den Ausfluch op d'Marie-Astrid war och dëst Joer erëm e flotten Dag, mee et gëtt no enger Alternativ fir dat nächst Joer gesicht.
D'Vëlostier haten e grousse Succès, an de Summer iwwer goufen am ganzen där Tier gemaach.

### Punkt 2: Ausfluch op de Belval de 16.10.2025

Bis elo sinn 7 Léit ugemellt déi um Ausfluch Deel huelen. D'Léit kënnen sech awer nach bis de 9. Oktober umellen.
De Sepp huet den Ausfluch organiséiert an et ass alles bestätegt.

### Punkt 3: Geplangten Ausfluch op de Chrëschtmaart zu Schloss Merode den 04.12.2025

Et sinn Plaze iwwer en Gruppen Ticket fir 10 Léit reservéiert. Jee no Unzuel vun de Léit gëtt gekuckt, op een mam Auto dohinner fiert, oder op mer e Bus organiséieren.
Programm:
Start: 11 Auer zu Wëlwerwoltz op der Gare – Mëttegiessen zu Monschau – Weiderfaart op d'Schloss Merode
Retour: Bleift nach ze klären

Kommissioun 3. Alter
Gemeng Kiischpelt

**Punkt 4: Wéi verbleiwe mer mat de Persounen déi an d'Altersheem ginn**

Wann Léit aus der Gemeng an d' Altersheim ginn, souwäit mir dat matgedeelt kréien, dann gëtt vun der Kommissioun vum 3 Alter e klengt Abschiedsgeschenk gemaach (Bucki Blummen oder eng Planz) . Dëst gëtt bei engem Besuch an dem neien Doheem iwwerreecht, wann d'Léit dëst wëllen.

**Punkt 5: Kleng Virschau op d'Joer 2026**

Fir d'Joer 2026 sinn 4 Ausflich virgesinn.
Méiglech Zieler wieren:

- Nationalbibliothéik
- Saarschleife
- Oktav Mäertchen
- Brauerei kucke goen, entweder Heischent oder Wolz

**Punkt 6: Divers**

Organisatioun vun engem Info-Owend iwwert d'Patienteverfügung zesumme mat Omega 90.
Den Yves këmmert sech ëm d'Organisatioun.

**Punkt 7: Datum fir déi nächst Reunioun**

Déi nächst Reunioun gëtt zu engem spéideren Zäitpunkt festgeluecht.

**Sepp Pannrucker** — President

**Yves Kaiser** — Sekretär